

Diddeléng an schwé'rer Zäit

D'Geschicht vun der Lëtzebuenger Jugend am 2te Weltkrich

Animateur : Héi ass R.D. op 103,9 Mhz. Et ass Méndeg den 10. Mee - a 6 Auer, a mir sin nés héi bei enaner a bréngen déi 4. te Sendung iwert d'Geschicht vun der Lëtzebuenger Jugend am 2te Weltkrich. Am Studio die Hären Jos Weirich a Jos Benoit.

Här Weirich an de viiregen Sendungen hu mir iwert den 1te Weltkrich geschwät, wéi et no 1918 an Europa an an Deitschland war, wéi dunn den Hitler un d'Muecht kom ass an op den 2te Weltkrich higeschafft huet. Haut dann den Iwerfall op Lëtzebuerg. *den Iwerfall den 10. Mee 1940 also op den Dag genau viron 53 Jor.*

Weirich : Lëtzeburg an der Zäit vun der Okkupatioun
Oder
Vun der Repressioun zur Intolleranz.

No dem Amarsch an der Besetzung vun onsem Land den 10. Mä 1940 durech dei preisesch Arméien, haten d'Letzeburger geduecht dat wär dat Schlémst an si breichten nëmme op d'Liberatioun *duerch* de Fransousen ze warden an d'est an deenen eische Wochen. Dat war awer ~~een~~ groussen Iirtem. De 16. Mä huet den Reichsaussonminister von Ribbentrop Letzeburg als feindlecht Laand erklärt.

Eist Land stung am Ufank ënnert der Militärverwaltung, déi mat der letzeburger Regéierungskommissioun oder Landesverwaltungs-kommission wéi se duerno geheescht huet, esou gut ewéi méiglech auskom as. D'Letzeburger hun nach ëmmer ^{op} hir Onofhängegkeet gepocht.

Awer Déi nationalsozialistesche Clique hat schon anescht decidéiert.

Den 21. Juli 1940 hun si den Gauleiter Simon als ieweschten Man vun der Arméi an der Verwaltung fir Letzeburg désignéiert.

Hien ënnerstong s'engem Führer an Idol, dem Hitler, ganz eléng an kont maachen a loossen wat hien wolt. Hien kont s'engen sadistesch, Ideen freie Laaf loossen. Sein Haupt^{ziel} ~~butt~~ war: fir Letzeburg ~~und~~ ^{seier} ~~Tausendjähres Reich unzeschléissen~~ an esou ~~vill~~ ewéi méiglech ze nazifizéieren.

Heim ins Reich ze keeren

Zesummen mat e puer letzeburgesch Verréider huet de Gauleiter ~~dann~~ s'eng Veruerdenongen erausgin, mat deenen hien d'Letzeburger drop an dowidder schikaniséiert huet. Volksdeutsche Bewegung

afgebuerst

(VDB) as agefuert gin, Hauptman an de Kommando iwert d'esen Verein hat den Prof. ^{damer} Damien Kratzenberg ~~engem~~ letzeburger Deitschprof aus dem Kolléisch, en 100% Nazi. D'franséisch Sprooch as verbuede gin an all Nim: Egener, vu Stroossen, Plaazen, Geschäfte a Firmaen hu missen op deitsch emgeënnert gin. D'Amtssprooch war deitsch. D'Biller vun onser grossherzlicher Famil hu missen erofgehol gin a.s.w. Heierops hin huet ^{og} de Widderstand vun de Letzeburger sech lues a lues entwékelt.

Déi éischt Widderstandsorganisatiounen hu sech konstitueren an hu versicht den Nazien hir Veruerdnongen ze definéieren an d'Letzeburger drop ze informéieren an ze berooden.

éng vechafte Vollecksrechnung

Den 10. Oktober 1941 wollten d'Preisen ~~en Memorandum~~ ofhaalen an ~~dem~~ si mat verstoppten a verfaangen Froen d'Letzeburger wollten zu Preisen maachen. Op de Mësserfollech vun dëser Aktioun higewisen, huet de Gauleiter Simon se séier ofgebloosen. Well hien agesinn huet, dat hien mat der Germanisatioun vun de Letzeburger nët vill Chance hat, huet en ët op eng méi radikal Art a Weis probéiert.

All Staatsbeamten an Staatsarbechter esou wéi déi vun aneren groussen Betriber sin forcéiert gin an d'VDB ~~ze goen~~ oder mat dem Verloscht vun hirer jeweeleger Plaatz ze rechnen. An de Schoulen as d'Jugend tyranniséiert gin. Si sollten sech an d'Hitlerjugend HJ. méllen. Aaner sollten sech freiwëllech an den R.A.D. (Reichsarbeitsdienst) mellen oder esouguer an d'Waffen-SS. Awer hefir waren d'Chancen geréng. Außer engen 1500 Freiwëllegen am ganzen ^{hëlleg} *mündlechen deitsche ofbauung* hun déi Aaner missten zou allem gezwongen gin. De Gauleiter huet sech ëmmer méi zu enger terroristescher Repressioun higin a konnt sech ganz ~~de~~ op seng Vasallen vun S.A., S.S., GESTAPO an nët zulescht op d'Ortsgruppenleiter, Zellenleiter a Blockleiter verloossen. Si hun d'Leit bespëtzelt a verrodén no allen Regeln vun der Konscht. Laut hiren Aussohen koumen d'Leit an de Prisong, an d'Kazetter oder sin ëmgesiedelt gin. A munnecher Fall as ët esouguer zu Hirichtungen komm.

An 2 Joren d'Jörgäng 1920 bis 1924

Den 30. August 1942 proklameiert de Gauleiter d'Annexioun vu Lëtzebuerg an domat ^{an d'Pfeerung vum de} ~~der~~ *allgemeng* Wehrpflicht fir d'Jugend. Dorophin as de Streik ausgebrach mat der Ënnerstëtzung vun de Resistenzorganisatiounen.

De Simon hat sech dei Reaktioun nët erwartet.. Hien féiert d'Standgericht an, léisst honnerte vun Patrioten verhaften an selektionnéiert aus dësen all Dag e puer eraus dei dan muerges fréi erschoss gin. 21 gudd Lëtzebuurger hun esou hirt Liéwen gelooss. Dës Terroraktioun an de Streik hun an der ganzer Welt en immensen Echo fond. D'Press vun Amerika, England, Russland, Canada, Australien an aaner Länner hun vun dem Courage vun de Lëtzebuurger beriicht. Dëst Affer sollt nët ëmsooss sin, Et huet verhënnert dat nach mei Jörgäng an d>Wehrmacht agezun goufen.

Wie gesat

d'Jörgäng 20-24 koumen fir d'éischt un d'Rei; spéider sollten dan nach d'Jörgäng 25 a 26 derbeikommen, suguer e puer vum Jorgank 27 sin nach an den Arbeitsdëngscht kom. (+ V.A.D.)

Déi éischt Jongen si dunn den 18. Oktober 1942 ënner schwéier Bewachung an d'Wehrmacht verschléift gin.

Dat war den Ufank vunn Calvaire déen vill jonk Lëtzebuurger mam Liewen, mam Verloscht vu Glidder a Gesondhétsschied hu misse bezuehlen.

- Museck -

Animateur : Här Benoit, wéi huet Diddeléng den Iwerfall duerch d'preisescht Militär an d'Ennerdréckung duerch den nazisteschen Occupant erliewt ?

Benoit : Wéi mer schon erzieht hun war zu Diddeléng wéns der Krichsgefor 1939 éng "Garde Civique" op d'Béen gestallt gin. Um halver zwou Nuets vum 9.ten op den 10 te Mée gëtt hir Permanence per Telefon informéiert das d'Preisen an d'Belsch agefall wieren. E véerel op 3 kréen d'Douaniéen de Commando fir d'Stohlepart an der Wormerenger Stross définitiv zo ze machen.

D'Arbechter vun der Fréschicht ^{vun} dese 10te Mee erzielen dass deitsch Flieger bei der Cellula zu Betebuerg gelant wäeren. Dest gëtt dann och vum Mellechman CONRAD's Jeng bestätegt déen all Dag Muerges fréh d'Mellech fir Diddeléng mat sengem Camion an d'Cellula siche firt.

Wéi spéder a preiseschen Ennerlagen geliest konnt gin, war beim Iwerfall vu Letzebuerg ganz genau geplangt gin d'Héchten vum Gëhausebiere, Ginzebiere a Rodebiere ze besetzen. An zwar sollt Infanterie mat "Fiseler Störchen" do gelant gin, fir Virstéss aus der Maginot-Linn ze fir ze kommen. Fir ze Landen waren d'Wiesen südlech vu Betebuerg also westlech vu der Cellula virgesin. Dese Punkt war taktesch gud gewielt, well mat der Eisebunnsbréck bei der Cellula kommt d'Stroos vun Diddeléng aus, also och vu Frankreich dat hèscht vun Wormereng aus fir an d'Stad Letzebuerg zekommen, ennerbrach oder bewacht gin.

Vun dénen 5 gelandeten "Fiseler Störchen" hat éen éng Bruchlandung gemat a gouw vun der Besatzung a Brand gestach. E Maschinegewier gouw op den Dag vun der Cellula a Stellung bruecht an déi éischt Infanteristen hu sech riets a lénks vun der Diddelénger Stroos gestallt.

Kurz Zeit dono si Betebuenger Gendarmen a Polizisten opgedaucht, hu versicht ze protestéieren mä kruten einfach hir Waffen ofgeholt a sin nes héem geschéckt gin.

Géngt 8 Auer kruten déi éischt gelandeten Truppen Verstärkung a sin a Richtung Diddeléng virugangen. Biréng gouw besat wéi och de Roedebiere Gënzebiere an de Gehansbiere an esou war éng Front vun Schéffléng aus bis op de Roedebiere entstanen.

An Diddeléng selwer war et relativ roheg, abschon éng gudd zwou Dozen préisesch Infanteristen lanscht d'Heisergievelen schleichen a Richtung Wormeréng. Zwéi Mann um Motorrad wo'e ^{sech} bis bei d'letzebuenger Douane am Greisendal, kucke séch em a kommen erëm zeréck bei d'Stadtha Kuerzdrop besetzen e puer Mann vun der "Gardes Mobiles" d'franzéseisch Zollheissen. Eng aner preisesch Trupp as méi aktiv, a besetzt de Bësch wou haut de Wée erop fir bei Televisiounsantennen géet, lét Minnen an d'Stroos an op d'Trottoiren a sperrt d'Stroos duerch Drotverhan of. Dono zéen och sie séch bei Stadthaus zeréck.

Géngt 10 Auer kennt franzésech Kavallerie a motoriséert Poilus'en besetzen ënnert de Vive-Ruffen vun de Schmelzer Leit de Quartier.

Wéll awer andauernd Flieger ze gesinn a ze hé'eren sin an och d'Flack aktiv ass sinn d'Diddelénger onsécher an hâlen séch haauptsächlech Ennderdag an an de Kellere op. Och aus der Maginot Linn eraus gëtt geschoss an et gouw déi éischt Dodeger.

De Betrieb an der Schmelz gëtt ageschalt a wéll jo virausgeplangt war dass Diddeléng évakuéiert géw ginn, kruten d'Arbechter an och d'Beamten nach éng Avance op hir Loun.

D'Nuecht vum 10ten ob den 11te Mee verbréngen de méischt Leit an de Kellere. Um halwer 11 gëtt et é firchterlésche Knuppert. D'franzéisech Militär hat de Sufftger Tunnel gepréngt.

Elo déngen d'Diddelénger nëmmen nach u "Fort". A wou méeglesch an d' Frankreich. Géngt 8 Auer Muergens den 11te Mee sin Minnen an der Wurmerénger Stooss ewéich geraumt an e langen oniwersichlechen Zuch vu Léit setzt séch iwert d'Grenz a Bewegung. Zu Fuss, mat Handwénerger, Kannerkutschen, an héi ans do och éen Auto dotéschend. Aus dem Spidol gin mat franzéiseschen Militärcamioen zirka 200 Kranker évakuéiert. Déi méischt Diddelénger kummen an d'Emgégenden vun Charolles, Mâcon, an der Saône et Loire, Lodève a Montpellier. Et waren ongeféer 9 bis 10.000 Léit.

An der Stad blouwen zirka 2.000 Onentwechter déi dunn awer, wéi d'Gren no Frankreich nés zou war, an d'Land évakuéiert gouwen wéi et gehéscht huet : "Diddeléng géw an e Koup geschoss gin "

Déi Allerléscht, méischt Butschebuenger, verlossen Diddeléng den 12te an 13te Mee an Peischtdénschten ass Diddeléng éng dodésch Stad.

D'preisesch Truppen dréngen iwert de Roedebierg fir, an em d'Kauferknupp gëtt seriös gekämpft. Aus der Maginot Linn eraus gëtt geschoss an iwerall an Diddeléng schloe Granaten an.

Méi wéi 100 Heiser gi ganz oder déelweis zerstéiert. Esou am Zentrum de Quartier ronderem d'Haus Hippert, dem Geschäft Majerus Feller an op der Schmélz d'Bäckerei Forty.

Iwerall an den Heiser gëtt geplönnert an vun de Preise geklaut. Hauptsächlech d'Gedrénks, Tubak, Zigaretten a Konserven. Diddelénger haten jo gudd ageluecht fir wann et sollt Krich gin an elo sutze op e puer Zëmmeren weit vun dohéem ewech.

Déi éischt Evakuéiert aus dem Land konnten den 28. Juni nées zeréck. Sie hate séch awer virdrun zu Lëtzebuerg am Cercel-Gebei^{mauer} androe lossen

Nom 1. Juli konnten och déi déi a Belgien a Frankreich évakuéiert warden direkt op Diddeléng kommen.

No an no kënt erëm Liewen an eis Stad, an d'Bauverwaltung hëllef d'Stroossen an d'Plazen opzeraumen. Wéll der vill ouni e Su an der Tésch erëm koumen ginn zwou Vollekskichen agericht. Eng am Schwëstere-Pensionat, déi aner am Gewerkschaftshéem.

Un der Spëtzt vun der Geméngverwaltung stinn den Här Buergermeeschter Thiel an d'Schëffen Theis a Libar.

D'Leit fänken un d'Déich notdierfteg zeflécken, d'Léscher an de Giewellen ze stoppen an opzeraumen.

Verschléfte Sachen wéi haaptsächlech Bettgezei a e.w.ginn an Danzäll Rossi an Tamborini bruecht wou hir Besëtzer ze konnten erëm ofhuelen.

Ab Ufank August kommen och déi a Frankreich Evakuéiert erëm héem, an den 12ten August féhlen nach zirka 2000 Awunner. De Betrieb an der Schmélz ass nés déelweis ugelâf, awer vill Diddeléng gin nach de Baueren an de Wénzer hëllef. Dat hat de Vierdéel éppes méi fir énnert Zänn mat héem zebréngen.

Wéi dunn d'Nazien séch no an no bréed gemat hun esouwuel an Diddeléng wéi och am Land gesi mir an der nächster Sendung.

Anim. : Merci din Hären fir haut a mir hoffen ouch den nächsten Méindes erëm ze kënne.